N° 6864
Entrée le 19.09.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 20.09.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/09/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

An der Äntwert op d'Fro 6171 huet d'Ministesch erkläert, dass de Cannabis-Ueleg nach net un d'Patiente verdeelt gouf. Laut Ministesch sollten fir d'éischt Analysen gemaach ginn an dës sollte viraussiichtlech am August ofgeschloss ginn. Wéi eis vum CHL confirméiert ginn ass, gëtt den Ueleg awer weiderhin net distribuéiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Sinn d'Analyse vun deenen d'Ministesch geschwat hat mëttlerweil ofgeschloss? Wa nee, wéini sollen dës Ofgeschloss ginn an wéi ass hei de Retard z'erklären?
2. Fir wéini sinn déi nächst Liwwerungen un Cannabis-Bléien a Cannabis-Ueleg virgesinn a wéi eng Quantitéite sinn hei z'erwaarden?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député